
PHASE 2

# WAT ASS D'PHAS 2 VUM DECONFINEMENT?

No der éischter Phas, an där am Wesentlechen de Bausecteur relancéiert gouf, proposéiert d'Phas 2 vum Deconfinement **ab dem 11. Mee nei Moossname fir lues a lues aus dem Confinement erauszekommen. Och an dëser Phas gëllt et, di sanitär Mesuren an d'Gestes barrières strikt anzehalen.** Sou sinn déi folgend Aktivitéiten erëm erlaabt:

**#BleiftDoheem**

**De Confinement** (#BleiftDoheem) **ass keng legal Obligatioun méi**, mee bleift weiderhi recommandéiert.




**Visitten oder Treffe vu privater Natur**, déi doheem organiséiert gi fir e Maximum vu sechs Leit, zousätzlech zu de Leit, déi schonn am selwechte Stot wunnen, am strikte Respekt vun de sanitäre Mesuren (Distanz vun 2m tëschent de Persounen / eng Mask droen).




**Sportaktivitéiten déi ënner fräiem Himmel**, ouni Kierperkontakt, net-kompetitiv an ouni Publikum stattfannen. D'ëffentlech Piscinen bleiwen zou.




**Usammlungen ënner fräiem Himmel**, op enger ëffentlecher Plaz fir e Maximum vun zwanzeg Leit an am strikte Respekt vun de sanitäre Mesuren (Distanz vun 2m tëschent de Persounen / eng Mask droen).




**Re-Ouverture vun de Butteker** (ausser Ausnamen).



**Re-Ouverture vun de nationalen Archiven**, vun den ëffentleche Bibliothéiken, Muséeën, Ausstellungszentren.

# WAT SINN DÉI RICHTEG REFLEXER, DÉI ANZEHALE SINN?

De Succès vum Deconfinement berout op 3 Schlësselprinzippien :
**Perséinlech Responsabilitéit, Solidaritéit mat aneren an Disziplin.**




**Sidd responsabel!**

Och wann de Confinement (#BleiftDoheem) keng legal Obligatioun méi ass, gëtt weiderhin recommandéiert, **tëschemënschlech Kontakter a Beweegungen op dat Néidegst ze limitéieren**. Dëst ass weiderhin déi bescht Manéier, sech selwer an seng Léifst ze schützen.



**Sidd solidaresch!**

D'Mask schützt Iech nëmme begrenzt virun enger Infektioun, mee **Är Mask schützt d'Mënsche ronderëm iech**. Op des Aart a Weis drot dir derzou bäi, d'Verbreedung vum Virus an der Populatioun anzedämmen. Denkt och virun allem drun, déi vulnerabel Persounen ze schützen.
**#NetOuniMengMask**




**Sidd disziplinéiert!**

Déi perséinlech Responsabilitéit an d'Solidaritéit mat äre Matbierger sinn zousätzlech Gestes barrières.

**Vergiesst net déi traditionell Gestes barrières:** D'Hänn wäschen, Ofstand vun 2m zu äre Matmënschen anhalen, asw.

Fir weider Informatiounen: **www.covid19.lu**